N° 5651
Reçue le 01.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.02.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 01. Februar 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zur CO2 Steier un d'Madamm Ëmweltministesch an de Minister fir Energie weider ze leeden.

De CO2-Präis ass dat wichtegst Instrument am Kampf géint d'Klimakris. Säit Ugangs vum leschte Joer gëtt et och zu Lëtzebuerg en CO2-Präis mat engem relativ niddregen Aganksmontant..

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Ministere stellen:

- Wéi vill Sue goufen 2021 duerch d'CO2-Steier vum Staat ageholl?
- Wéi goufen dës Suen detailléiert verdeelt, dat heescht engersäits a wéi eng Klimaschutzmoossnamen oder Programmer, an anerersäits a wéi eng konkret sozial Mesuren?
- Wéi konnten di sozial schwaach gestalten Haushälter vun dëse Gelder profitéieren? Ginn et heizou Statistiken? Zum Beispill zur Verännerung vun der Kafkraaft duerch d'Allocation de vie chère am Kontext vun der CO2-Steier?
- Huet se eng Lenkungswierkung gewisen? Wéi vill ass manner un CO2-behaftete Produite kaf ginn am Verglach mat deene leschten 3 Joer?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten

N° 5651
Reçue le 08.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung Carole Dieschbourg, der Finanzministesch Yuriko Backes a vum Energieminister Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°5651 vum 1. Februar 2022 vum éierewäerten Deputéierte Paul Galles iwwer d'Recette vun der $CO_2$ Steier**

2021 sinn 198 Milliounen Euro duerch d'$CO_2$-Steier ageholl ginn, dovunner entspriechen 71 Milliounen Euro der laang bestoender "contribution climatique" (dem sougenannten "Kyoto-Cent") an 127 Milliounen Euro der "neier" $CO_2$-Steier bei engem Präis vun 20 Euro pro Tonn $CO_2$.

Stand haut kann een feststellen, dass d'Aféierung vun der $CO_2$-Steier definitiv hier Lenkungswierkung gewisen huet. D'Präisser op der Pompel zu Lëtzebuerg si manner attraktiv ginn, sou dass Réckgäng vun -21% bei de Vente vum Diesel respektiv -10% beim Bensinn 2021 enregistréiert goufen am Verglach mam Vir-Pandemie-Joer 2019. Domat sinn och d'Recetten insgesamt méi niddreg aus den Akzisen (accises UEBL, accises autonomes, contribution sociale, taxe $CO_2$), an fale vun 993 Milliounen Euro fir d'Joer 2019 op elo 954 Milliounen Euro fir 2021, wat engem Réckgang vun -4% entsprécht.

Gläichzäiteg ass och d'Nofro no net-fossile Verkéiersmëttelen eropgaangen: d'Subsiden vun der ëffentlecher Hand hunn ee grousse Succès an den Undeel vun Elektroautoen (100%) bei den neien Immatriculatioune vun Autoen klemmt däitlech. Och den Interesse un erneierbare Léisungen an energeetescher Renovatioun am Beräich vum Wunnen hëllt konsequent zou.

Wat d'Verdeelung vun de Recetten aus der $CO_2$-Steier ugeet, sief als éischt ze bemierken dass deen Deel, deen dem Kyoto-Cent entsprécht integral, also ronn 71 Milliounen Euro, an de Fonds Climat et Energie agespeist ginn ass.

Zweetens, esou wéi am Budget pluriannuel virgesinn, gëtt de Fonds Climat et Energie ab 2022 zousätzlech gespeist mat de Recetten aus der $CO_2$-Steier, ugefaange mat 40 Milliounen am Joer 2022 an enger linearer Erhéijung fir déi Joren drop.

Drëttens huet d'Regierung gläichzäiteg mat der Aféierung vun der $CO_2$-Steier sozial Kompensatiounsmesuren decidéiert. Mat der Hausse vum Steierkredit vun 600 op 696 Euro an der Erhéijung vun 10% vun der Allocation de vie chère op den 1. Januar 2021 huet d'Regierung ee strukturelle Pak vu schätzungsweis 60 Milliounen Euro ëmgesat, deen – laut STATEC – de Kafkraaftverloscht kompenséiert huet fir déi sozial méi schwaach opgestallte Stéit.

Doriwwer eraus huet d'Regierung am Kader vun de rezenten geopoliteschen Energiehaussen décidéiert, een "Energiegeld" anzeféieren, wat net nëmmen d'Bénéficiairen vun der Allocation vie chère (AVC) mee och déi Stéit kréien, déi 25% iwwert dem Revenu éligible fir d'AVC leien. Dës Hëllef wäert och zu enger sozialer Kompensatioun féieren.

Lëtzebuerg, den 8. März 2022
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung